



BADGER Pellets®, Brennmaterial, dat 100% lokal an erneierbar ass

Bei **BADGER Pellets®** sinn d'Begrëffer "lokal" an "erneierbar" vun zentraler Bedeitung. **BADGER Pellets® ginn aus Holz aus eise Regioune produzéiert**, dat an engem Ëmkrees vun 100 km ronderem d'Produktionsplazen exploitéiert gëtt.

D'Holz gëtt gewonnen duerch Ausdënnaarbechten, déi fir eng gesond Gestuon vun eise Bëscher noutwendeg sinn. Dëst Holz alimentéiert fir d'éischt eng Seeërei (Bio-Seewierk), fir d'Produktioun vu Brieder, Käffer a Paletten (nobel Verwendung vum Holz). D'Seemiel, dat bei dësem Virgang entsteet, gëtt duerno mat grénger Energie aus enger Cogeneratiounsuniteit gedréchent an dann a Pellets verwandelt. Doduerch, dat all d'Aktivitéiten op deemselwechte Site stattfannen, kann net nëmme d'Matière première genee iwwerpréift ginn, mä et ginn och keng iwwerflësseg Transporter!

De Grupp François ass PEFC-zertiféiert.
Dës Zertifikatioun garantéiert, dat dat verschaffent Holz aus nohalteg geféierte Bëscher staamt.



PEFC®

PEFC/07-32-244

Fir eng nohalteg Gestuon
vun eise Bëscher

www.pefc.org

Déi komplett Lëscht vun eise
Verkaufsplaze fannt Dir um Site
www.badgerpellets.com



BADGER Pellets®, Brennmaterial, dat d'ganzt Joer iwwer duerch e performanten Distributiounsreseau ausgeliiwert gëtt

Sech mat **BADGER Pellets®** andecken ass wierklech ganz einfach! Iwwert eisen extrem efficace Distributiounsreseau kënnen Är Pellets ënnert deene beschte Bedéngungen (Sécherung vun der Qualitéit bis bei den Endverbraucher) a Säck oder am Lassenen, am Wanter wéi am Summer, geliwwert ginn.

BADGER Pellets® setzt dofir eng Camionsflott an, déi d'Pellets **am Lassene liwweren**. Dës Camione si mat **enger spezieller Blostechnik ausgestattet a verfügen iwwer** en integréierte Weisystem, dee vun der Metrologie agreéiert ass.

D'Demande u Pellets ass saisonsofhängeg a klëmmt natierlech staark, wann de Wanter méi no kënnt. Dofir huet **BADGER Pellets® riseg Späicherinstallatiounen (iwwer 15.000 Tonnen) ageriicht**. Et besteet also ni d'Gefor vun engem Engpass, souguer wann d'Demande ganz staark ass. Well grad wann et kal ass, braucht Dir d'Pellets!



BADGER Pellets®

Zoning Industriel de Latour, 13
6760 Virton | Belgique

T. +32 (0)63 40 46 10
info@badgerpellets.com

Fir **BADGER Pellets®** ze fannen,
besicht eis um Internetsite

www.badgerpellets.com

BADGER Pellets®, héichwäertegt Brennmaterial, lokal an 100% natierlech!

Firwat soll een onnéideg net erneierbar fossil Ressourcen, déi iwwerméisseg deier sinn a mussen importéiert ginn, verbrauchen, wann et an eisem Land héichwäertegt Brennmaterial gëtt, dat vill méi bëlleg an 100%eg erneierbar ass? Eng Fro, déi sech hautdesdaags sécher vill Leit stellen!

BADGER Pellets® gi vum Grupp François zu Virton an zu Thimister an der Belsch an um Rouscht am Groussherzogtum Lëtzebuerg produzéiert. Dës (DIN Plus-zertiféiert) Pellets erfëllen déi strengst europäesch Qualitéits-Virschrëften (EN 14961-2) a sinn déi eenzeg "CO₂-reduzéierend" Pellets. **BADGER Pellets®** ginn op komplett integréierte Site produzéiert, déi eenzegaarteg an Europa sinn, a ginn dann, a Säck oder am Lassenen, iwwert e performante Verdelungsreseau ausgeliiwert.



BADGER Pellets®, en héichwäertegt Brennmaterial

BADGER Pellets® erfëllen déi strengst europäesch Qualitéits-Virschrëften a sinn **DIN Plus-zertiféiert (Reg.Nr.7A072) no der Norm EN 14961-2**.

Duerch eng perfekt Maîtrise vun der Matière première a regelméisseg Kontrolle kann déi **exzellente Qualitéit och an der Zäit garantéiert ginn**.

Doduerch datt si zu 100% aus Nolenholz stamen, garantéiere **BADGER Pellets® en héije Brennwärert** (ongeféier 18 MJ pro Kilo). Bei engem Heiz- a Waarmwaasser-Verbrauch vun 20.000 kWh (2.000 L Mazout) am Joer, muss een also mat ronn 4 Tonne **BADGER Pellets®** rechnen (dat heescht manner wéi 6 m³). **BADGER Pellets®** hunn och e **ganz niddregen Äschegehalt** (manner wéi 0,3%). Bei enger Tonn verbrannte Pellets entstinn nëmmen 3 kg Äschen.

An zu gudder Lescht gi **BADGER Pellets®** och nach e puer Mol entstébt, fir de Stébs (manner wéi 0,5%), dee beim Ablosen an Äre Silo oder beim Afälle vu **BADGER Pellets®**-Säck an de Reservoir vun Ärem Uewen entstoe kéint, op e Minimum ze reduzéieren. Am Verglach zum Mazout si **BADGER Pellets®** also propper. Si verbreeden en angenehmen Holzgeroch a maache keng Flecken.



BADGER Pellets®, déi eenzeg "CO₂ reduzéierend" Pellets

BADGER Pellets® sinn "CO₂ reduzéierend". Bei der traditioneller Produktioun vu Pellets entsteeft effektiv den Equivalent vu 6,1 kg CO₂ pro 15 kg-Sak. Duerch d'Verwendung vu lokalem Holz, selwer produziéierter grénger Energie (Cogeneratioun) a virun allem d'Aspeise vum Iwwerschoss vum produziéierte grénge Stroum an de Reseau, entsprécht am Endeffekt ee Sak **BADGER Pellets®** vu 15 kg enger **Reduktioun vun Emissiounen vun 2,1 kg CO₂**.

Remarque: Déi komplett Etude iwwer den CO₂-Bilan vu **BADGER Pellets®**, déi vun der Firma CO₂logic (www.co2logic.com) no der Method PAS2050 duerchgefouert gouf, fann Dir op eisem Internetsite.



www.badgerpellets.com

BADGER Pellets®, 100% natierlecht Brennmaterial

BADGER Pellets® ginn hirgestallt aus Seemiel, dat zu 100% aus Nolebeem (Fichten, Lärchen an Douglas-Dannen) gewonne gëtt. D'Seemiel gëtt an d'Form vu Pellets zesummedrückt duerch Héichdruck, kombinéiert mat Lignin, engem natierleche Bestanddeel vum Holz, deen d'Iwwerfläch vun eise Pellets sou blénkeg mécht. Bei **BADGER Pellets®** gëtt **weder Pech nach iergend en anere chemeschen Zousatzstoff agesat**. Dëst Brennmaterial ass "100% natierlech".



D'Qualitéitscritèren, déi vun der DIN Plus-Zertifikatioun virgeschriwwen ginn, am Iwwerbléck

D'Fabrik vu **BADGER Pellets®** huet hiren eegene Centre de Recherche et de Développement, fir deen d'Anhale vun den Zertifikatiounsvirschrëften iewegt Prioritéit ass. All Dag ginn hei eng grouss Zuel vun Echantillonen analyséiert, fir déi streng Kontrollen duerchzeféieren an eng optimal a konstant Qualitéit garantéieren ze kënnen.

DIN plus no der Norm EN 14961-2	
Duerchmiesser	6 mm + 1 mm
Längt	mindestens 80% < 30mm
Maximallängt	3,15mm <= L <= 40mm
Haltbarkeet	>97,5%
Dicht [Kg/m³]	> 600
Fines	Säck (<= 0,5%) – Am Lassenen (<= 1%)
Fiichtegkeet	< 10%
Äschen	≤ 0,7%
Brennwäert vun	De 16,5 à 19 MJ/Kg

Kontrolléiert ëmmer, ob Är Pellets och DIN Plus zertiféiert sinn. Mëi Infoen op eisem Internetsite: www.badgerpellets.com



Traditionell Produktioun



Produktioun BADGER Pellets



Bilan BADGER Pellets -2,1 Kg de CO₂/Sak